ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

# D'ADR muss an der Geheimdéngschtkontrollkommissioun vertruede sinn!

*Pressematdeelung vum 27. November 2012*

**No de rezenten Evenementer ronderëm de Geheimdéngscht verlaangt d'ADR, datt all d'Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, och musse Member an der zoustänneger Kontrollkommissioun sinn. Et ass net akzeptabel, datt engem signifikativen Deel vun de Volleksvertrieder wichteg Informatioune virenthale ginn.**

D'ADR stellt fest, datt am Ament wichteg Diskussiounen, déi d'Fëllementer vum Rechtsstaat betreffen, an der Geheimdéngschtkontrollkommissioun geféiert ginn. Grad wéinst der Natur selwer vun deene Gespréicher ass et wichteg, datt all d'Parteien, déi an der Chamber vertruede sinn, musse kënnen dorunner deelhuelen. An Däitschland, zum Beispill, geet et duer, datt eng Partei am Bundestag vertrueden ass fir och Member an der betreffender Kommissioun ze sinn. Eng ähnlech Regelung wär also zu Lëtzebuerg duerchaus virstellbar.

D'Abezéie vun alle Parteien ass ëmsou méi wichteg, well d'Geheimdéngschtkontrollkommissioun bis dato keng konkret Resultat konnt ervirbréngen an dowéinst och hirer Aufgab net konnt gerecht ginn.

ADR – Groupe parlementaire 9, rue de la Loge L-1945 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau. L-1449 Luxembourg Tel. : (+352) 26 20 37 06